N°2056
Entrée le 14.03.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op déi urgent parlamentaresch Fro n°2056 vum 10 Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Entwécklungshëllef vu Lëtzebuerg am Ruanda, engem LDC ("*Least Developed Country*", engem vun den am mannst entwéckelte Länner), kënnt virun allem de vulnerabelsten Deeler vun der Bevëlkerung zegutt, sief et am Beräich vun der berufflecher Ausbildung, der nohalteger Agrikultur a Silvikultur, a generell der Aarmutsbekämpfung. Et ass dofir net virgesinn, déi bilateral Hëllef, déi Lëtzebuerg dem Ruanda zoukomme léisst, auszesetzen bis eng Wafferou ënnerschriwwe gouf. Lëtzebuerg verfollegt d'Situatioun an der Regioun, och duerch eis Ambassade zu Kigali, an ënnerstëtzt aktiv all d'Efforten an der Sich no enger Léisung.

**Ad 2)**

De Minister ass net der Meenung, dass duerch d'Oprechterhale vun den bilateralen Aidë Lëtzebuerg e negativen Afloss op d'Situatioun an der Demokratescher Republik Kongo huet. Eis Kooperatioun konzentréiert sech op d'Aarmutsbekämpfung, an déi vu Lëtzebuerg ënnerstëtzte Projeten an Ruanda ziele virun allem op d'Verbesserung vum Liewensstandard vun de schwächsten Deeler vun der Bevëlkerung. Et geet ëm laangfristeg Léisungen, déi d'Gesellschaft an der Regioun stäerken, an net drëms fir Konflikter ze verschäerfen.

Ausserdeem ënnerstëtzt den Ausseministère schonn zënter 2021 e Spidol zu Bukavu an der Demokratescher Republik Kongo, fir de Victime vu sexueller Gewalt, besonnesch Fraen a Kanner am Süd-Kivu, ze hëllefen, andeems se medezinesch Betreiung, psychosoziale Support a sozioekonomesch Integratioun ubidden, zesumme mam Lëtzebuerger Roude Kräiz. Dëse Projet leeft och weider.

**Ad 3)**

Wéi schonn an der éischter Fro gesot, ass et net virgesinn, déi bilateral Hëllef fir Ruanda auszesetzen, well mir domat virun allem déi vulnerabelst Deeler vun der Zivilbevëlkerung géinge bestrofen.

Luxembourg, den 14 Mäerz 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel